



## ENG NEI EQUIPE FIR ENG NÄCHST ETAPP

„Et dierf een nimools soen ‚ze spéit‘. Och an der Politik ass et ni ze spéit.  
Et ass ëmmer Zäit fir een neien Ufank.“

**Konrad Adenauer**

Léif Frëndinnen a Frënn,

Déi lescht Méint waren net einfach fir eis Memberen an eis Partei. Dat, wat geschitt ass, ass net gutt fir keen. Och an der Press an an de soziale Medie war et dacks schwiereg fir eis. Dat wësse mir alleguer.

**Mä de Kapp an de Sand ze stiechen, ze maachen, wéi wann näischt gewiescht wier, jo, Saachen ze vertuschen, dat war an ass keng Optioun. An och keng Léisung!** Weder elo nach an Zukunft!

Elo musse mir als Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei zesummestoen an eis politesch Aarbecht konsequent weider maachen. Duerfir muss d’Vergaangenheet opgeschafft ginn.

Mee virun allem kucke mir haut zesummen an d’Zukunft. Op ons Zukunft als Partei. Mee méi nach op eis Zukunft als Leit, an als Land. Grad d’Coronakris weist eis all Dag, wéi wichteg de Matenee fir eis alleguer ass.

### ZÄIT FIR EEN NEIEN UFANK ALS EQUIPE

„Et ass ëmmer Zäit fir een neien Ufank“, seet de Konrad Adenauer. Haut ass d’Zäit fir een neien Ufank als Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei. **Als Partei vum Mir, vum Zesummen, vum Mateneen.**

- Mir no bannen als Memberpartei.
- Mat all eise Sektioonen, Bezierker a Basisorganisatiouneen.
- Mat all eisen Deputéierten an Europadeputéierten.
- Mat all eise Buergermeeschtere, Schäfteen a Conseillereen.

An och als oppe Projets-Partei fir jiddereen. **Egal ob Member oder net. Jiddereen ass wëllkomm.** Jidderee gëtt gebraucht. Jidderengem soll nogelauschtert ginn.

Eise Memberen. Mee och de Leit am Land. Alle Leit.

### **ZÄIT FIR EN NEIEN OPBROCH MAT DE LEIT A FIR D'LEIT**

**Fir d'CSV ass et Zäit fir en neien Opbroch. Mat de Leit a fir d'Leit. Fir Land a Leit maache mir Politik. Net fir eis selwer.** Et ass elo Zäit, fir eis breet opzestellen.

Mir dréien haut d'Krise-Blat ëm a maachen zesummen een Neufank. **Een Neufank vum Mir. Net géint iergend een, mee zesummen mat all deenen, déi wëlle matmaachen.** Als nei Equipe vu jonk an al, vun erfueren a manner erfueren. Mat neien Iddien an trei zu eise Wäerter. Keng Upassung, mee ee Weiderdenken an ee Weidergoen. Och op Plazen, wou mer bis elo **nach guer net oder nach net dacks waren. Dofir brauche mer JIDDEREEN u Bord.**

### **ZÄIT FIR ENG NEI EQUIPE**

Dofir stelle mir eng ganz Equipe vir. Dat ass nei.

Et ass wichteg, dass mir an der Partei Koherenz, Zesummenhalt an Diversitéit hunn. **„Gäre matenee schaffen!“ – Dat ass eise Gedanken!** A mir hoffen, dass dat ustiechend ass!

Dofir wëlle mir och d'Spëtzeposten a Partei a Fraktioun duebel besetzen. Parteipresident, Generalsekretär a Fraktiounspresident sollen duebel besat kënne ginn. Dat erlaabt eis, eis méi breet opzestellen an Erfahrung an Erneuerung komplementar anzesetzen. Hand an Hand gemeinsam eisen Zieler méi no ze kommen!

**Dat ass Vertrauen an eis Jonk, a Responsabilitéit zesummen droen. Dat ass en Deeel vun der Aarbecht.** Dat ass eist Bild no baussen ze erneieren! **An dat ass och Jonken eng Chance ginn.** Dofir, ënner anerem, proposéiere mir, spéitstens am Hierscht e Kongress mat enger Statutenännerung ze maachen.

### **ZÄIT FIR EN NEIT MATENEEN**

**Matenee schwätzen, mateneen diskutéieren, mateneen decidéieren a mateneen ëmsetzen. Et ass esou, wéi eng Partei muss fonctionéieren.** Net nëmmen, well dat fir d'Zesummenhale noutwendeg ass. Mee och wéinst deem, wéi mir wëllen eis Partei no baussen weisen: koherent, aus engem Mond schwätzend, jo, letztendlech: staark!

Dat hëlt Zäit. An déi musse mir eis huelen. Dofir musse mir een deem aneren nolauschteren. An dat maache mir!

Dat si keng idel Wieder. Mir wäerten eis Organisatioun esou strukturéieren, dass eis Aarbechtsmethod zum Mateneen féiert.

Mir wëlle reegelméisseg den erweiderten Nationalcomité aberuffen. **Partei a Fraktioun sollen déi grondsätzlech Decisiounen gemeinsam huelen.** Bindend fir jiddereen.

Mir wëlle reegelméisseg d'Exekutiv vu Partei a Fraktioun zesummeruffe, fir eng Koordinatioun vum Dagesgeschäft ze maachen.

Mir wëllen eis Basisorganisatiounen (CSJ, CSF, CSG, CSI, CSV-Senioren) méi an d'Decisiounsfindung mat abannen. D'Féierungsequipe vun der Partei a vun der Fractioun wäerten a reegelméisseg Ofstänn un hire Sitzungen deelhuelen. Genau esou, wéi un de Sitzunge vun den erweiderte Bezirkscomitéen.

Nolauschteren, discutéieren, decidéieren. **Eng nei Diskussiounskultur gehéiert zu engem nieie Mateneen.**

## ZÄIT FIR ENG NEI DISKUSSIONSKULTUR

**Zesumme wëlle mir eng nei Diskussiounskultur net nëmmen an eise Gremien, mee mat all eise Memberen an mat all deenen, déi wëlle konstruktiv matschaffen, och wann se net Member vun eiser Partei sinn.** Dat ass méi, wéi just e Schlagwuert oder eng Formsach. Dat ass eng Astellung, fir Politik ze maachen!

Dat ass awer och e Wee, fir eis Memberen ze mobiliséieren, mat eis deen nieie Wee ze goen. **Konkret wäerte mir thematesch an oppen Aarbechtsgruppen weiderféieren an anerer an d'Liewe ruffen. Dobäi soll op deem opgebaut ginn, wat an de läschte Jore gemaach gouf. Vill Leit hu vill a gutt Aarbecht geleescht.**

Zum Beispill an de fënnef Aarbechtsgruppen, déi am Hierscht 2020 agesat goufen an wou schonns éischt Resultater do sinn. Dat sinn Aarbechtsgruppen iwwer :

1) Sozialagenda a Logement; 2) Wirtschaft an Diversifikatioun; 3) Finanzen an Staatshaushalt; 4) Integratioun an Zesummeliewen; 5) Bierger sinn an Engagement.

Dës Aarbecht wäert weidergefouert gin. Zousätzlech wäerten mir nach Aarbechtsgruppen iwwer 1) Landesplanung an Infrastrukturentwécklung an 2) Justiz a Sécherheet asetzen.

**D'Presidente vun deenen Aarbechtsgruppe maachen a reegelméisseg Ofstänn dem Nationalcomité Bericht iwwer hir Aarbecht.** Fir dass d'Informatioun besser fléisst a fir hirer Aarbecht déi Valoriatioun ze ginn, déi se verdéngt.

D'Diskussiounen an eisen Aarbechtsgruppen wäerten fräi vun all Virurteel an Zwang sinn. **Mir wäerten all Meenungen zouloossen, oppen fir all nei Iddi sinn, Experten a Leit vun ausserhalb vun der Partei mat abannen, fir zu konkrete Konklusiounen ze kommen.**

**All déi Aarbechte gin op Themekongresser oder Foren breet diskutéiert an d'Resultater ugeholl.**

Mir wëllen, dass nei Iddien och breet kënnen gedroe ginn. Dofir brauche mir eng nei Diskussionskultur.

### **ZÄIT FIR NEI WEEËR ALS MEMBER- A PROJETSAPARTEI**

Et ass iwwerhaupt Zäit, fir nei Weeër mat enger neier Kreativitéit als mënschlech a modern Vollekspartei ze goen.

**Mee ëmmer manner Leit wëlle sech och fest an enger Partei engagéieren.** Grad bei jonke Leit ass dat esou. **Hei muss d'CSV de Leit och Projeten ubidden, wou een sech an der Zäit an an der Saach kann engagéieren, unni Member mussen ze ginn.** Dat kënnen Aarbechtsgruppen, Atelierer oder Fore sinn. Dat kënnen awer och soss Aktiounen sinn, déi net onbedéngt mussen typesch politesch sinn.

### **ZÄIT FIR NO BAUSSEN ZE GOEN**

**Wëssen, wou de Schong dréckt. D'Suergen an d'Wënsch vun de Leit kennen.** Dat ass e Must, wann een wëllt Politik fir d'Leit machen.

Mir wëllen en natierlechen an direkten Uspriechpartner fir d'Zivilgesellschaft ginn. Dat geet awer nëmmen, wann direkt Kontakter bestinn. **D'Memberen vum Nationalcomité an d'Fraktiounsmemberen sollen Uspriechpartner fir jeweils en Deel vun der Zivilgesellschaft gin.** Direkten a perséinlechen Uspriechpartner. Fir Gewerkschaften, Berufsverbänn, repräsentativ Verbänn an Associatiounen. Do, wou si unerkannt, do, wou si credibel sinn. Eisen Nationalcomité an eis Fraktioun bestinn aus ville Leit aus ville Milieuen an mat villen Erfarungen an Engagementer. Dës Vilfalt muss agesat gi, fir bei deene present ze sinn, fir déi mer Politik gestalten.

### **ZÄIT FIR NEI DIGITAL PARTICIPATIOUN**

Kloer ass: **Mir brauche méi eng grousse Participatioun.** An déi kann a muss an Zukunft och digital méiglech sinn. Sou ka Parteiarbecht och méi familjefrëndlech a vill méi direkt ginn. Wat och fir jonk Leit an och fir Mammen a Pappen oder Grousseltere kann interessant sinn. **Grad am digitale Parteiliewe läit nach enormt Potenzial,** dat mir opgräife wëllen. Gläichzäiteg mussen déi kllassesch an déi digital Weeër weider parallel lafen. Mir wëlle keen ausschléissen.

### **ZÄIT FIR VERANTWORTUNG ZE DEELEN**

**Et ass och Zäit, fir Verantwortung nei ze deelen.** All eenzele Member vum Nationalcomité soll konkret Aufgaben a Responsabilitéite kréien. **Wien sech fir den Nationalcomité oder e Bezierkscomité mell, mécht dat fir aktiv matzeschaffen!** A fir genau deem Elan, deem Enthusiasmus, deen der

ganz vill vun eise Memberen hunn, Rechnung ze droen, wäerte mir och an Zukunft no baussen als Equipe oprieden.

Et geet elo drëm, fir des nei Equipe opzebauen an zesammenzeschweessen. **Eng nei, staark Generatioun fir 2023 an doriwwer eraus!** Dat ass eng vun den Aufgabe vum Nationalcomité.

### ZÄIT FIR VIRBEREDUNG

Et gött Leit, déi en Talent fir Politik hunn. Et gött der, déi nach ëmmer vu Politik begeeschtert waren. Et gött der, déi sech méi spéit eréischt fir Politik interesséieren a wëlle matmaache.

Mee kaum een ass als Politiker gebuer. An jiddereen, dee wëllt sech um lokalen oder um nationalen Niveau an d'Politik engagéieren, soll net nëmmen encouragéiert ginn, mee och ënnerstëtzt gin.

Mir wëllen en **Nowuessförderprogramm**, dee virun e puer Joer bestanen huet, erëm frësch an d'Liewen ruffen. All Joer solle jonk Leit d'Méiglechkeet kréien, **d'Aarbecht an d'Aufgabe** vum Politiker méi no kennenzelieren a sech a Formatiounen an dese Beräich eranzeschaffen.

Mir wëllen d'CSV-Akademie ërem opliewe loosse, fir eise Memberen Formatiounen unzebidden. Mir wëllen och eise **Gemengekandidaten d'Méiglechkeet ginn, sech duerch Formatioun virzubereeden, fir eng aktiv a gutt Walcampagne ze machen.**

Mir wëllen all eise Memberen reegelméisseg **eis Positiounen, eis Argumenter an eis Iwwerleeungen via Mail iwwer déi grouss politesch Sujeten zoukomme loosse.** Fir dass si de Firwat vun eise Positiounen verstinn. **Fir dass si eis Argumenter nach besser no bause kënnen droen.**

### ZÄIT FIR MÉI DIVERSITÉIT

Eis CSV ass eng oppe Partei. Fir jidder Bierger, deen sech fir Lëtzebuerger Politik interesséiert. Egal, vu wou e kënnt a wéi laang e schonn zu Lëtzebuerg ass. Egal, ob ee schonn d'Lëtzebuerger Nationalitéit huet oder nach net. **Jiddere muss sech Wëllkomm bei eis spieren. A mierken, dass en an der CSV gebraucht gött.**

**Dofir däerf d'Sprooch keng Barrière méi sinn.** Eis Puplicatiounen solle systematesch méisproocheg sinn. Eis gréisser Manifestatiounen systematesch iwwersat ginn.

Eis Presenz no baussen soll och konsequent op auslännesch Communautéiten **ausgeriicht** sinn. Si solle mierken, dass mir och fir si do sinn a mir frou wäeren, **wann och si nach méi en Deel vum MIR géingen ginn.**

Hir Presenz op eise Wallëschten soll 2023 eng Normalitéit sinn.

Dat bedeit konkret a gezielten Aarbecht. Mat der CSI, mat Schwësterparteien, awer haaptsächlech um Terrain, an de Veräiner an an de Gemengen.

Eis Partei ass eng oppe Partei, eis Partei ass gepräägt vun Diversitéit, eis Partei ass wéi eist Land. Dorop kënne mer houfreg sinn. An dat solle mer no bausse weisen.

### ZÄIT FIR ONS LOKAL CSV

Eis Mandatairen an de Gemengen – ob si elo Buergermeeschter, Schäffen oder Conseiller sinn – si fir d’Leit meeschtens d’Gesicht vun eiser Partei no bausen. Do si mir staark an dorop musse mir bauen.

Fir eis Ressourcen nach besser ze notzen an d’CSV méi visibel ze maachen, **wëlle mir gemeinsam Aktiounen zesumme mat eise Gemengeverantwortleche maachen.** Et geet drëms, an de Virdergrond ze stellen, dass d’CSV-Politik no bei de Leit gemaach gëtt!

Mir wëllen a järeleche Gemengenassisen – fir d’éischt am zweete Semester vun dësem Joer – zesumme mat eise Gewielten an dono mat all eise Kandidaten eis Prinzippien a Visiounen fir eng effizient a mënschenno Gemengepolitik festhalen.

**D’Gemengewalen ginn och ville jonke Leit d’Méiglechkeet, fir hir éischt Schrëtt an der Politik ze maachen. Dat wëlle mir ënnerstëtzen!**

Déi personell Erneuerung vun eiser Partei féiert och iwwer d’Gemengewalen. **Mir wëllen dofir d’Lëschte fir d’Chamberwale 2023 eréischt no de Gemengewalen definitiv ofschléissen.** Fir neie Kandidaten eng Chance ze ginn. Dofir wëlle mir d’Statuten deemtsprechend emänneren.

### KENG ZÄIT FIR E SPËTZEKANDIDAT

**Wann awer fir eppes elo keng Zäit ass, dass ass et fir d’Diskussioun ronderëm de Spëtzekandidat fir 2023. 30 Méint virun de Chamberwalen ass elo d’Zäit fir ze schaffen.** De Choix vum Spëtzekandidat wäert net vun den Ämter a Responsabilitéiten ofhänken, déi ee bis dohin an der Partei oder an der Fraktioun hat!

Bis e puer Méint virun de Wale am Hierscht 2023 hale mir eis duerfir all Méiglechkeeten op a loossen eis deen néidege Fräiraum, fir deen oder déi Spëtzekandidaten ze bestëmmen, mat deem oder deene mir wëllen an d’Wale goen! Mir wëllen eis Statuten esou modifizéieren, datt se kreativ Léisungen zouloossen.

### ZÄIT FIR OPPOSITIUNSAARBECHT

Oppositiousaarbecht gehéiert zur Demokratie. Si besteet doran, d’Regierung ze kontrolléieren. Dofir si mir do. Dat solle mer maachen.

**An der Saach, well dorëms geet et an der Politik. Haart, wann et muss sinn, well et ass eis Responsabilitéit, kloer an däitlech ze soen, wann d’Saachen net esou lafe, wéi se sollten.**

Fair a **respektvoll**, well och dat ass eis Verantwortung, an dat dréit zur Credibilitéit vun eiser Partei bäi.

**D'Regierung kontrolléieren heescht awer net, just géint alles ze sinn, well et vun der Regierung kënnt.** Mir wëlle keng fundamental Opposition maachen. Well mir d'CSV sinn. Well mir Uspréich un eis selwer hunn, och wa mir an der Opposition sinn.

Well eis Credibilitéit och dora besteet, ze soen, wa mer gesinn, dass d'Regierung eng richteg Decisioun geholl huet. Och dat erwaarden d'Leit vun enger Oppositionspartei, déi den Usproch erhieft, d'Regierungsgeschäfte an Zukunft matzestalten.

**Oppositionsarbeit besteet awer haaptsächlech doran, eng alternativ Politik auszeschaffen an ze proposéieren.** Dat ass och an deene leschte Jore geschitt. Mat klere Propositionen an däitlechen Alternativen. Dei ënnerstëtze mir.

An d'Leit dovun ze iwwerzeegen, dass eis Alternative besser si wéi déi aktuell Politik. **An dass eng Regierung mat der CSV besser wier, wéi eng Regierung ouni d'CSV.**

Dat geet net nëmme mat Kritik un der aktueller Politik, dat geet nëmme, wann och Alternativen um Dësch leien an erkläert ginn.

**Dorëms wëlle mir eis Dag fir Dag an deenen nächsten zwee Joer këmmen.** Mat all eise Memberen zesummen.

## **ZÄIT FIR D'KOMMUNIKATIUN WEIDER ZE VERBESSEREN**

Mir liewen an enger Zäit vun schneller Kommunikatioun. An enger Zäit, **an där** d'Form oft iwwert dem Inhalt steet. An enger Zäit, **an där** d'Bild iwwerhand iwwert d'Wuert kritt huet. An enger Zäit, **an där** et eng Press Amie net méi gëtt. **An där** Kommunikatioun e wesentlechen Bestanddeel vu politischem Handele muss sinn.

Dat ass esou. Mir wëssen et. An mir müssen eis deementspreechend organiséieren, a bei der Kommunikatioun wäerte mer Hand uleren. Mir wäerten u Bestoendem opbauen an och déi nei Weeër konsequent goen.

Mir setze weiderhin op eng **gutt Zesummenarbeit mat der ganzer Lëtzebuerger Press**, mir machen eis d'Virdeeler vun de soziale Medien nach méi staark zu eegen a mir wäerten eis Memberen a reegelméisseg Ofstänn direkt uschwätzen.

**Dofir wëllen mir eis intern Kommunikatioun verbesseren.** Partei a Fraktioun zesummen.

Eis Memberen solle reegelméisseg vun eis informéiert ginn. Per Post, per Newsletter, per Videokonferenz oder - an dat hoffen mir wierklech - op engem Evenement, op deem mir eis richteg kënnen an d'Ae kucken a matenee schwätzen. Iwwert eis Positiounen. Mat Explikatiounen an Argumenter solle si déi néideg Informatiounen kréien. Fir dass si eis Argumentatiounen besser kënnen weiderdroen. Och eis extern Kommunikatioun muss nei opgestallt ginn. Professionell an mat enger klarer Linn.

Méi konzentréiert op déi wichteg Themen. Mat Prioritéiten an net iwwer all Detail.

Méi séier. Méi an Eegeproduktioun. Op neie Kanäl. An enger verständlecher Sprooch, ouni ze vill politesch Fachterminologie. De Leit an hirem Liewen ugepasst.

**An och ugepasst un déi nei Wieler.** All Chamberwale komme mei wei 50.000 nei Wieler dobäi. Jonker an nei Lëtzebuerger. Mir musse mat hire Wierder an an hire Medie present si, fir eis Iddien ze erklären a bekannt ze machen. Dat verlaangt vun eis Flexibilitéit an Asaz. Deen Asaz musse mer bréngen an déi Hëllef mussen mer eis gin. Dat ass eng Prioritéit.

### ZÄIT FIR PROFIL ZE WEISEN

- Wisou ass CSV anescht wéi déi aner Parteien ?
- Firwat haut CSV wielen ?
- Firwat brauch d'Land eng staark CSV?

Och wann et fir eis kloer ass, brauchen mir fir no baussen op déi an op aner änlech Froen einfach a verständlech Äntwerten.

**Mir sinn eng Partei vun der Mëtt.** Vun der breeder Mëtt. Vun alle Bierger. Mam Ziel, d'Leit beieneen ze bréngen. An net ze splécken.

**D'CSV bléift eng Vollekspartei.** Dat heescht eng Partei, déi eng Politik fir d'ganz Land an net just fir eenzel Gruppe mécht.

Mir stinn dann och fir eng realistesch a responsabel Politik am Interessi vum Allgemenge Wuel. **Eng Partei, déi politesch Schnëttmengen an eisem Land sicht an esou fir eng Politik steet, déi eng méiglechst breet Majoritéit vun der Gesellschaft zesumme bréngt.** An déi konkret d'Liewe vun alle Leit besser a méi einfach mécht.

**Dat ass fir eis déi breet Mëtt, déi keen ausgrenzt, mä jidderee mat abënnt.**

Mir sinn eng Partei mat enger **grousser Geschicht an mat laangjäregen Traditiounen.** Dorop si mer houvreg. Mee dat ass keng Garantie fir d'Zukunft. Eis Demarche haut ass resolut zukunftsorientéiert.

**Mir sinn eng Partei vun de Wäerter.** Déi eis definéieren. Déi **Wäerter berouen op der chrëschtlecher Sozilléier.** Si sinn eis DNA.

Si sinn d'Basis fir eis Politik an fir d'Aart an Weis, wéi mer Politik maachen. Un e puer vun dese Grundprinzipien wëlle mer hei erënneren:

+ **Mir si fest dovun iwwerzeegt, dass all eenzel Persoun deselwechte Wäert huet.** Deselwechte Wäert, déi selwecht Rechter, déi selwecht Flichten, déi selwecht Würd.

An dass d'Politik d'Flicht huet, sech em jiddereen ze bekëmmere. An nach méi em déi, déi Hëllef



brauchen.

Dëse Gedanke bestëmmt eis ganz Sozial Politik, wéi zum Beispill eis Gesondheets- oder Logementspolitik.

**+ Mir sinn fest dovun iwwerzeegt, dass eis Gesellschaft op Solidaritéit opgebaut ass. An dës Solidaritéit verlaangt vun jidder eenzelen vun eis Responsabilitéit.**

Eng individuell Responsabilitéit net nëmme viru sech selwer, mee och fir déi, déi ronderëm ee sinn an déi engem no stinn, an doriwwer eraus.

Mir ënnerstëtzen all déi, déi bereet si, fir anerer Responsabilitéit ze iwwerhuelen. An der Famill, an der Noperschaft, an der Gemeng, an de Veräiner, op der Aarbecht an an der Erzéiung.

Eis Familljepolitik, eis Gesellschaftspolitik, eis Gemengepolitik - si all si vun dëse Gedanken gepräagt.

**+ Mir sinn fest dovun iwwerzeegt, dass mer d'Vepflichtung hunn, dat ze schützen, vun deem mer ofhänken.**

„Konservativ“ sinn, heescht fir eis dat ze konservéieren wat fir eis wäertvoll ass. Eis Ëmwelt, eist Klima, eis Gesondheet, eist Liewen.

Ëmweltpolitik, Klimapolitik, Naturschutzpolitik fousse op eise fundamentale Wäerter. Si si net en **Unhängsel** vun eiser Politik, si Grondparadigmen, déi entscheidend si, wann et drëm geet, Decisiounen an anere Beräicher ze huelen.

**+ Mir stinn nach ëmmer fir eng sozial Maartwirtschaft.** Well se Eegeninitiativ a Responsabilitéit fërdert, Fräiheet garantéiert an verbënnt mat engem konstanten soziale Fortschrëtt.

**Mee eleng geet dat net méi duer. Eis Wirtschaft muss nohalteg sinn.** Wirtschaft, Soziales an Ekologie sinn enk matenee verbonden. Moosnamen an engem Beräich hunn immediat Konsequenzen op déi aner Beräicher. Politik haut denken heescht fir eis, ëmmer déi dräi Aspekter matenee ze verbannen. Net se géinteneen auszespillen. **Mir wëllen eng nohalteg, sozial an innovativ Maartwirtschaft**

**+ Mir si fest dovun iwwerzeegt, dass Lëtzebuerg sech an eng europäesch Zukunft soll aschreiw.**

Well Europa méi ass wéi e gemeinsame Bannemaart.

Well Europa op gemeinsame Wäerter berout, wéi Menschenwürd, Fräiheet, Solidaritéit, Gläichheet a Subsidiaritéit, Demokratie a Rechtsstaat.

Well an enger globaler Welt nëmme d'Zesummestoe vun europäeschen Partner eis erlaabt, fir des

Wärter anzestoen, a well déi global Froen, déi sech haut stellen, nëmmen kënnen gemeinsam beäntwert ginn.

Iwwer anerem des Wärter, an iwwert wéi se haut kënnen an modern Politik ëmgesat gin, wëlle mer zesummen an der Partei diskutéieren.

### **ZÄIT FIR D'ZUKUNFT SICHER ZE GOEN**

Mir sinn elo matzen an der Legislaturperiod. 2021 an 2022 wäerten zentral Jore ginn. Vill Aarbecht steet virun eis. An der Partei. An der Chamber. An de Gemengen.

**No allem wat war, ass elo de Moment do, fir eis Zukunft an de Grapp ze huelen** a kreativ an inspiréiert un eisem Zukunftsprojet ze schaffen! Fir also eng besser Zukunft siche ze goen. A net just op se ze waarden.

Wéi schonns gesot, wëlle mir net mat eiser laanger Geschicht brieche oder dem Zäitgeescht nolafen. Mä mir wëllen eis – wéi och an der Vergaangenheet – permanent weiderentwéckelen an eis zesumme mat de Leit an der Gesellschaft veränneren. Grad an der Politik gëtt et kee Stëllstand. Duerfir beweege mir eis no vir. A weisen e Wee, op dee mer wëlle jiddereen hei am Land mathuelen.

### **ZÄIT FIR NEI PERSPEKTIVEN A PRIORITÉITEN**

Grad an dëser Corona-Zäit brauchen d'Leit **Perspektiven, déi iwwert déi akut Krisenbewälteung eraus ginn.** Zesumme wëlle mir déi erschafen. Op kee Fall dierfe mir als Land den Zuch vum Neufank verpassen.

Des Perspektiven wëlle mer zesummen ausschaffen. Si sinn net nëmmen d'Iddie vun engem Eenzelen, engem Team oder och nach engem Comité. Si sollen aus eise gemeinsamen Iddien, Iwwerleeungen, Ausernanersezungen a Conclusiounen entstoen. Eis Perspektive sollen aus deenen Iddien, deene Kompetenzen, deenen Erfarungen entstoen, déi mer alleguer zesummen hunn.

**Eist Zil ass net de Muechtgewënn alleng oder den Erhalt dovun. Eist primäert Zil ass d'Freed um Gestalten an d'Ambitioun, eis Proposen och ëmzesetzen.**

Mee hei ass net d'Plaz an net d'Zäit fir e ganze Programm. Deen erschaffe mer zesummen. Mir proposéieren iech haut an fir déi nächst Méint prioritär eng Iwwerleeung ze maachen iwwer d'Konsequenze vun der Covid-Pandemie an déi politesch Schlussfolgerungen, Richtlinnen an Aktiounen, déi mer wëllen dovun ofleeden.

- Di éischt Etapp ass emol den sënnvollen Ausstieg aus de Covid-Moosnamen. **Mir brauchen eng wuel iwwerluechten an integrativ Exit-Strategie, déi eis hëlleft, schrëttweis de Wee an d'Normalitéit zeréckzefannen.**

Dofir froe mer **kuerzfristeg e Stufepiang, deen op Basis vun der Entwécklung vun der Zuel vu Geimpften a vun der Evolutioun vun Neiinfektiounen déi nächst Öffnungsschrëtt virgesäit.** Dëst ass noutwendeg, fir Perspektiven an Previsibilitéit ze schafen.

Dës Exit-Strategie muss systematesch ginn duerch **d'Ausstelle** (an engem europäeschen Kader) vun engem Green Certificate, den esouwuel iwwer d'Impfung, Anticorpsen an negativ PCR-Tester informéiert an esou gewësse Fräiheeten, déi mir elo net hunn, erlaabt. Des Weidere fuerderen mer d'Entwécklung vun enger klarer **Strategie fir de Gebrauch vun Schnell- a Selbsttester, déi souwuel an der Schoul wéi och an de Beräicher vu Kultur, Sport, Soziales a Gesellschaft an och an den Entrepreneuren an Administratiounen geplangt a gezielt kéinten agesat gin.**

Dëst brauch Virbereedung, Schoulung, gesetzlech Basen, Diskussiounen mat Partner an kann net iwwer de Knéi gebrach gin. All Décisioun muss explizeiert gin fir dat se och besser verstanen an accepteiert get.

Mee just dës systematesch a wuel geplangte Moosnamen kënnen an hirem Zesummespill den Exit aus de restriktiven Measure méi schnell a mei sécher gestalten.

- Des Pandemie huet eis d'**Stärkten an d'Schwächen vun eisem Gesundheitssystem gewisen.** Mir brauchen méi Capacitéiten besonnesch fir Krisefäll, mir brauchen manner Ofhängegkeet vum Ausland, mir brauchen eng méi sécher an effikass gesetzlech Basis fir d'Zukunft an mir brauchen eng besser Planificatioun a Virbereedung, wann nach esou eng Krise géing ausbriechen.

Dofir schloe mir fir :

- D'Créatioun vun engem **Krisespïdol**, dat eis schnell zousätzlech Capacitéiten am Noutfall ka verschafen an dat och equipéiert ass, fir prett fir all Noutfäll ze sinn. Esou eng Struktur kann och an Net-Krisenzäiten gegebenenfall als Militärspidol déngen an eng Annexe vun engem aktuellen oder ze schafenden Spïdol sinn.
- Eng **Opstockung vun noutwendegen Equipementer**, fir och a Krisenzäiten wa méiglech Patienten **net** an d'Ausland feieren ze missen.
- Eng **Revalorisatioun vun den Gesondheits- a Pflegeberufler**, haaptsächlech wat d'Formatioun an wat d'Responsabilitéiten ugeet, fir déi ënner aanerem méi attraktiv ze maachen an esou manner vun der Grenzregion ofzehänken
- En **Pandemiegesetz**, wat der Regierung erlaabt, schnell an effikass ze handelen, ouni all puer Wochen e Gesetzestext stëmmen ze loossen, mee wat awer d'Garantie gëtt, dass déi demokratesch Kontrollméiglechkeeten vun der Chamber a vollem Ëmfang kënnen spillen.
- En **am viraus ausgeschaffte Plang**, deen eis erlaabt, a grouse Linnen op Gesondheitsrisiken viirbereet ze sin. Déi Pläng, déi bis elo bestanen hu, waren net präzis genuch an hu komplizéiert Szenarioen net abegraff. Esou Pläng mussen kloer d'Kompetenzen vun den verschiddene politesche Responsablen am Virus festleeën, se mussen d'Zesummespill vun sämtlechen Administratiounen an net-staatleche Partner festleeën. Si mussen awer och haaptsächlech **Materialstocken virgesinn, déi fir eng ganz Rei vun Katastrophefäll sënnvoll sinn.** Dës Stocke mussen fachgerecht geréiert a reegelméisseg erneiert ginn. **Den Haut-Commissariat à la Protection Nationale spillt hei eng zentral Roll a muss entsprechend organiséiert an equipéiert gin.**

Mee dës Kris huet eis awer och bewisen, wat mer virdu scho woussten, dass eise ganzen Gesundheitssystem muss, zesumme mat allen Partner, iwwerschafft gin.

**Mir brauchen eng Medezin, déi méi no beim Patient ass, déi déi nei Technologien méi schnell an den Asaz bréngt an déi déi nei Forme vun Medezin systematesch ëmsetzt. Wichtig fir eis ass, dass mer op kee Fall eng Zweeklassemedizin schafen an dass jiddereen deselwechten Accès zu vergläichbare medezinesche Prestatioune muss kënnen hunn.**

Mee d'Covid-Kris hat net nëmmen en medezineschen Impakt. Si huet och en **déifgräifende psychologeschen Impakt**, notamment op déi Schwächst vun eiser Gesellschaft. **Eeler Leit, Leit mat enger Behënnerung a Kanner respektiv jonk Leit hu vill ënner dëser Pandemie gelidden**, well haaptsächlech hiert soziaalt Liewen déi gréissten a ganz oft déi dramateschst Aschnëtter kannt huet. Dofir ass et wichtig, dass mer an den nächste Méint och all deenen, déi et brauchen, déi noutwendeg psychologisch Hëllef zoukomme loossen, déi si ënnerstëtzt, fir déi oft traumatesch Erlebnisser besser ze bewältegen. Dëst ass eng mënschlech Erausforderung, déi mir eis als Gesellschaft schëlleg sinn, Eescht ze huelen.

Dofir si mer der Meenung, dass kuerzfristeg soll e „**Plan d'action santé mentale**“ **opgestallt** ginn, deen och dësen neie Situatiounen Rechnung dréit. E speziellen Fokus misst op déi gesat sinn, déi an dëser Kris besonnesch gelidden hun (wei déi eeler Leit oder Leit mat enger Behënnerung respektiv Jonker) oder déi besonnesch gefuerdert waren (z.B. d'Personal aus dem Spidolssecteur respektiv aus dem Enseignement).

Den Remboursement vun der Psychotherapie muss doweent direkt ëmgesat gin an dierf net- wéi ugekënnegt - just fir d'Alterskategorie vun 18 bis 60 Joer gëllen, well grad déi jonk an eeler Leit besonnesch ënnert der Pandemie leiden.

- Mee d'Covid-Kris ass net nëmmen eng Sanitärkris. **Si ass déi gréisste weltwäit Wirtschaftskris säit dem Zweete Weltkrich** a riskéiert an den nächste Méint vill Betriber an d'Faillite ze stierzen. Et ass an eisen Aen kloer, dass de Staat hei eng Responsabilitéit huet, fir de Betriber ënnert d'Äerm ze greifen. Mir hunn als CSV d'Regierung ënnerstëtzt, all kéiers dann, wa si d'Betriber ënnerstëtzt huet. Dat war fir eis eng Evidenz an och eis Responsabilitéit. Dat maache mir och weider esou.

Elo brauche mer fir vill Betriber awer en Neistart. Vill Moosnamen sinn hei schonns proposéiert. Déi ënnerstëtze mir. Fir eis ass et awer och kloer, dass et momentan net Zäit ass, Betriber méi ze be- laaschten. Am Géigendeel. **Mir widdersetzen eis jidder steierlecher Erheigung an dësem Moment, well mer iwwerzeegt sinn, dass se ekonomesch kontraproduktiv wier, an dat esouwuel bei de Betriber wéi bei de Privatpersounen.** Dozou kënnt, dass **staatlech Investissementer méi wéi je wichtig si, fir d'Ekonomie unzekuerbelen an d'Land ze moderniséieren.** Wichtig ass, dass elo eis Ekonomie kann nees frësch gestart gin.

Mee Neistart heescht awer an eisen Aen, net esou schnell wéi méiglech einfach weider ze maache wéi virdrun. Des Pandemie haut eis gewisen, wéi ufälleg eise Gesellschafts- a Wirtschaftsmodell ass.

**Mir sinn iwverzeegt dovun, dass et richtig ass, dëse Neistart ze benotzen fir e Paradigmewiessel.**

Well mer wëssen, dass mer esou wéi virun net kënne laangfristeg weiderfueren.

No iwver 40 Joer Wuesstem huet Lëtzebuerg zwar manner Staatsschold, besser Sozialleeschungen, méi PNB pro Awunner wéi ons Nopeschlänner – awer och ganz héich Logements-Präisser, vill Leit ënnert der Aarmutsgrenz, immens Déficien an der Educatioun, a manner Ëmwelt. Mëttlerweile bräicht Lëtzebuerg siwe Welte fir ekologesch am Gläichgewicht ze sin.

Wuesstem kann een op zwou Manéieren erreechen:

- duerch quantitative Wuesstem
- duerch qualitative Wuesstem

Lëtzebuerg ass bis ewell virun allem quantitativ gewuess: méi Betriber, méi Aarbechtsplaatzen, méi Awunner. **Mir müssen elo eriwver wiesselen op e qualitative Wuesstem:**

- **méi Produktivitéit ;**
- **méi Digitaliséierung ;**
- **méi ëmweltgerecht ;**
- **méi zirkulär.**

Grad ewéi d'Informatik an den 1980er-Joren grouss Produktivitéits-Steigerungen erlaabt huet, **wäerten d'Digitaliséierung an d'kënschtlech Intelligenz ons erméiglechen, besser, méi ëmweltfrëndlech a méi produktiv ze schaffen. Si erlaben ons och, den Télétravail – encadréiert - ze entwéckelen** (=> manner Bürosgebaier a Stroosseverkéier) an zu enger besserer Liewensqualität bäizedroen.

Mir brauchen duerfir eng Wirtschaftspolitik, déi dem Staat engersäits natierlech déi finanziell Ressourcen, déi hie brauch, zouféiert – **an dat geet net, an engem internationale Konkurrenzkontext, duerch eesäiteg méi héich Betriffssteieren. Awer och eng, déi d'Hëllef an d'Subsiden geziilt do asetzt, wou d'Produktivitéit an d'Effizienz eropgeet, wou d'Ëmwelt manner belaascht gëtt, wou méi zirkulär geschafft gëtt. Mi brauchen och eng Ëmweltpolitik, déi offensiv agéiert a positiv Entwécklungen ënnerstëtzt amplaz haaptsächlech op Verbueter ze berouen.**

**Klimaschutz ass och eng eemoleg wirtschaftlech Chance, fir Betriber nei opzestellen respektiv nei Betriber unzezéien.** Mir brauchen keng nei Betriber, déi vill Ressourcen (Land, Waasser, Energie, Loft ...) brauchen, awer wéineg Aarbechtsplaatzen fir Residenten schafen a kaum oder keng Steieren bezuelen. Mir müssen awer – och eng Léier aus der Pandemie – bestehend **lokal Betriiber ënnerstëtzen, sief et, well se technologesch op der Spëtzt sinn, well se en zukunftssträchtegen Business-Modell hunn oder well se villverspriedend Start-Up'en sinn.**

**Investissementer an Start-Up'en (Risikokapital) an a kleng- a mëttelgrouss Betriber (PME) sollte steierlech begënschtegt ginn.** „Trau dech“ e Betrib ze grënnen ass méi wéi jee no dëser Pandemie wichteg. Dofir brauchen mer méi konkret Ënnerstëtzung.

**Mir müssen ons méi ëm ons Agrikultur këmmen. D'Landwirtschaft** bitt virun allem am Hibleck op Kreeslafwirtschaft, op Eegeversuergung vu Liewensmëttel an op Ëmweltschutz immens vill Entwécklungspotenzial, dat soll ausgebaut ginn. An och an eise Lokaltourismus mussen mir investéieren.

Mir müssen awer och onse Finanzsecteur weider entwéckelen – virun allem a **Richtung “Green Finance”**. **De Finanzsecteur** ass e Standbeen, deem seng Resilienz mir grad nees an der Pandemie gesinn hunn.

**Wirtschaftspolitik, Ëmweltpolitik, Sozialpolitik, Finanzpolitik an Educatiounspolitik si fënnef Facetten vun enger selwechter Problematik:** jonk Leit optimal virbereeden op en Aarbechtswegen, wou si en Akommes verdéngen, dat et hinnen erlaabt, an Dignitéit ze liewen an hier Zukunftspläng an Dreem ze realiséieren, an dat a Betriber, déi e global (Ëmwelt, Steieren, Aarbechtsplätzen ...) positiven Impakt op ons Gesellschaft hunn.

Duerfir brauche mir eng Politik, wou déi verschidden Ministèren a Verwaltungen Hand an Hand schaffen, an **zesummen déi Secteuren a Clusteren definéieren, op déi mir an Zukunft setze wëllen an déi mir unzéien resp. wëllen hunn**. Lëtzebuerg huet eng ganz Rëtsch Virdeeler. Mir müssen se konsequent ausbauen a vermaarten, am Land wéi am Ausland.

Schliisslech ass Lëtzebuerg Wirtschaftspolitik awer och europäesch Wirtschaftspolitik. Mir sinn ze kleng, fir autark ze sin. Grad duerfir mussen mir an Europa ons concertéieren an **Aktiounspläng entwéckelen – an dann och ëmsetzen –, déi ons Ofhängegkeet bei vitalen Produkter reduzéiert an ons Resilienz eropsetzt**. Mir dierfen net méi a Situatioune kommen, an deene mir vum gudde Wëllen vun aneren ofhänken.

**Et ass och am Kader vun Europa wou mir müssen dem “Race to the Bottom” a Saachen Betriebssteieren en Enn setzen**. Iwwert déi läscht 30 Joer ass de wirtschaftleche Wuesstem virun allem an der Täscher vum Kapital gelant. Mir begréissen ausdrécklech Wuesstem. Awer d'Friichten dovunner müssen – getrei der chrëschtlecher Sozialléier an de Prinzippe vun der „Sozialer Maartwirtschaft“ – allen Acteuren zegutt kommen.

Déi Pandemie huet och, niewent all deenen sozialen Problemer, déi eist Land an de leschten Joren kann huet, **eng Rei nei sozial Problemer geschaaft**. Ville Leit si grouss Deeler vun hirem Akommes ewech gebrach, anerer hunn hir Liewensgrundlag verluer, nach anerer müssen erëm ganz vu vir ufänken a sinn op Hëllef vun baussen ugewisen. Verschiddener hunn och en Alters- oder e Gesundheitszoustand, deen „nei ufänken“ extrem schwéier mécht. Mir müssen hinnen zur Säit stoen..

**D'Pandemie huet besteeënd Krisen verdéift an nei Problemer geschaf**. Dass et iwwerhaupt zu enger neier sozialer Kris zu Lëtzebuerg komme konnt, gouf zum Deel nëmmen doduerch méiglech, dass eise System och virun der Pandemie net am Equiliber war

- Et gouf och virun der Kris zu Lëtzebuerg schon eng vill ze grouss Aarmut. Dofir wëlle mer als CSV onbedéngt doru schaffen, **den Aarmutrisiko erofzesetzen**. Dat geschitt zum Beispill doduerch, dass fair Salären bezuelt ginn. **All Mënsch muss duerch seng Aarbecht kënnen fir sech a seng Fa-**

**mill würdeg suergen.** Mir hunn och d'Zil, d'Aarbechtslosegkeet souwäit wéi méiglech erof ze drécken. Déi héich Lëtzebuerger Sozialleeschungen mussen der Situatioun ugepasst ginn. **Sou triede mir zum Beispill weiderhin fir eng direkt Indexéierung a Stafflung vum Kannergeld an a fir eng substantziell Stärkung vun der «Allocation de vie chère».** Mir verrieden och eng bewusst Stärkung vum REVIS. De Reseau vun den Offices sociaux muss harmoniséiert ginn, an et muss sécher gestallt ginn, dass keen duerch d'Netz fällt. Eis Sozialpolitik muss eng Politik vum «Empowerment» sinn: de Mënschen déi Mëttel ginn, déi se brauchen, fir erëm selwer op d'Been ze kommen.

- **Ween net vum selwen op d'Been kënnt, ass a bleift Member vun eiser Gesellschaft mat alle Rechter a Flichten.** Dofir setze mer eis an fir ee staarke Reseau vun Hëllef an Organisatiounen, déi deene méi Schwachen zur Säit stinn. Mir wieren eis géint all Stigmatiséierung vun deene Leit, déi Problemer an eiser Gesellschaft hunn.
- **Sozialpolitik ass awer net eppes «fir déi puer, déi net eens ginn», mee si soll ee Bausteen sinn am Sënn vun enger Verdeelungsgerechtheet an der Gesellschaft:** wa méiglech déiselwecht Startchancen an déiselwecht Leeschtungsgerechtheet, iwwregens och tëscht Fra a Mann.
- Mir wëllen een direkt Handeln zugonschte vun deenen, déi manifestement verhältnisméisseg schlecht ewech kommen, z.B. **d'Monoparentaux.** Mir sti fir eng steierlech Verbesserung vun hirer Situatioun. Mir stellen eis och op d'Säit vun den **Independanten vun allen eise klengen a mëttelgrousse Betriber,** well se Garant si vun Aarbecht a Sozialiséierung.

#### **Déi nei sozial Kris huet awer och nei Formen vu Prekaritéit geschafen.**

- Eis Suerg gëllt ganz staark deene Jonken, deenen hir Zukunft hypothekéiert gëtt. Mir wëllen eng gutt Ausbildung, d'Méiglechkeet vu Stagen, vill Orientéierungshëllef en vue vun enger ongewësser Zukunft. **Virun allem awer brauche mer vill Hëllef fir hir oft ugeschloe «Santé mentale».**
- **Eis eeler Leit an eis Leit mat Behënnerungen si keen isoléierte Grupp vun der Bevëlkerung.** D'Pandemie huet gewisen, wéi wichteg den direkte Kontakt mat der Famill, de Frënn a Bekannten ass. Mir wëllen, dass d'Liewenswelt vun den eelere Generatiounen integréiert ass an d'Gesamtgesellschaft. Dat kann ee mat engem Netz vu koordinéierten Iddien a Projeten fäerdeg bréngen.
- D'Pandemie huet awer och villen jonken a manner jonken Erwuessenen gewisen, dass se kee Riechen méi an engem grousse System wëlle sinn, deen se zwéngt, wéinst der Aarbecht op Zäit mat de Kanner an als Famill ze verzichten. **Als CSV sti mer op der Säit vun deenen, déi sech wëllen Zäit huelen – fir sech, fir hir Kanner, fir hir Liewensqualitéit.** Mir wëllen d'Méiglechkeete vu flexiblen Schaffzäiten fërderen, déi an ee Gesamtkonzept vun enger Entreprise passen. A mir wëlle virun allem hëllef, dass den «taux d'effort» bei den Immobilien erof geet. Mir wëlle verhënneren, dass d'Leit ee fatale Choix treffe mussen: Sue verdéngen oder hir Kanner gesinn opwuessen.

**Mir wëssen dat en grousse Deel vun de sozialen Problemer déi sech zu Lëtzebuerg stellen hiren Ursprung an deenen immens heigen Wunnungs- a Mietpräisser hun. D'Pandemie huet des Situation nach verschlechtert.** Am leschten Joer sin Wunnengen zu Lëtzebuerg em 16,7% méi deier gin. D'CSV huet an de leschten Méint e substantzielle Programm mat am Ganzen 23 Pisten entwéckelt. Mir wëllen, dass och an Zukunft d'Leit - a besonnesch jonk Leit - sech nach eng eege Wunnéng leeschte kënnen. Fir eis ass kloer:

- Ouni Bauperimetererweiterungen packen mer et net, de Wunnensbaudrock ze verkleinere. De Perimeter soll natierlech och just op deene Plaazen erweidert ginn, wou et infrastrukturell Sënn mécht. Ëmwelt- a Klimaschutz sin eis an dësem Kontext extrem wichteg. Beim Bau soll Kritäre wéi Nohaltegkeet, Energieeffizienz, Recycling a verstärkt och der Kreeslafwirtschaft Rechnung gedroen ginn.
- Bei all gréisser Perimetererweiterung sollen **obligatoresch 30% fir gönschtegen Wunnraum reservéiert** sinn. Méi Offer schaaft manner sozial Problemer.
- De „Mietkaf“ kann en effikas Instrument si, fir jonken Familien an Etappen zu enger Eegentumswunnung ze hëllefen. Deen wëlle mer aféieren. Eng Proposition de loi läit um Dësch vun der Chamber.
- Mat Subsiden a steierleche Moosnamen wëlle mer erreechen, dass och **Privatinitiativen an de sozialen Mietwunnensbau enert Form vun der Gestion locative sociale investéieren**
- Mir wëllen de Fräibetrag **fir d'TVA Logement** vun 3% vun 50.000 op 100.000 Euro erophiewen.
- Mir proposéieren, de **Steierkredit vum bëllegen Akt** vun 20.000 op 50.000 Euro eropzesetzen.
- D'Aféierung vun enger nationaler **Spekulatiounssteuer op eidele Wunnengen an op Terrainen, déi aus Spekulationgrënn zeréckgehalen ginn, schéngt eis** ubruecht.
- Mir sin fir **d'Aschränkung vun der Méiglechkeet fir auslännesch Investisseuren an Spekulanten**, déi weder op Letzebuerg wëllen wunne kommen nach hei schaffen, sech hei Wunnengen ze kafen. Dobäi wëllen mir eis um Schwäizer Modell (Lex Koller) inspiréieren.

Bei all deem Drock, deen de Neistart Lëtzebuerg wäert mat sech bréngen, musse mer oppassen, dass mer net aus Einfachheet déi falsch Entscheidungen huelen an eis domat aner Problemer schafen.

**Mir wëssen alleguer, dass Klimapolitik déi gréissten mënschlech an politesch Erausforderungen vun den nächste Joren ass.** Si soll an eiser Partei konform zu eisen Prinzippien en iwwegeuerdnete Charakter kréien. All Decisioun, an wellechem Beräich och ëmmer, soll un den Ziler vun der Klimapolitik bemooss gin. No dëser Krise brauchen mer eng real a realistesch Transitionsgestaltung an eng klimaneutral Gesellschaft. Dës Transitionsgestaltung muss sozial gerecht organisiéiert gin.

Aus deem Grond wëlle mer eis och strikt **un déi Engagementer halen, déi mer zesummen um Kongress zu Rodange, den 9. November 2019, decidéiert hunn.**

Hei just e puer Beispiller vun deem, wat fir eis wichteg ass:

- Mir wëllen **Klimaneutralitéit als Staatszil** an eis Verfassung aschreiwen, well dat et kloer mécht, dass Klimapolitik fir eis en iwwegeuerdnete Charakter huet.
- Eis Klimapolitik soll awer **keng Verbuets- a Restriktiounspolitik sinn, mee eng technologieoffen an innovativ Politik.** Dat erméiglecht och, dass des Klimapolitik besser vun de Leit akzeptéiert gëtt.
- Mir wëllen, dass an Zukunft souwuel eis Wirtschaftspolitik wéi och eis Gesellschaftspolitik ëmmer méi **op Kreeslafwirtschaft berouen.**
- Mir wëllen, dass an ënner anerem an der Mobilitéit niewent Elektroenergie och méi **Waasserstoffenergie** gebraucht gëtt. Mir sinn iwweezeegt, dass de Waasserstoff eng grouss Zukunft huet, a fannen, **dass Lëtzebuerg hei eng Virreiderroll sollt huelen.**



- Mir sinn der Meenung, dass den **CO2-Ausstouss e Präis huet**. Mee dëse Präis däerf net just eng Verdeierung vu Produkter bedeuten, mee e muss och e Lenkungseffekt hunn. Si kann och alternativ Energiequellen méi interessant maachen. A schlussendlech dierf d'Afféierung vun enger CO2-Besteuerung net weider sozial Problemer schafen an muss sozial kompenséiert gin.
- **D'Autossteuer muss an Zukunft nach méi differenziert gin**. Fir Autoen, déi iwwerduerchschnëttlech vill CO2 ausstoussen, soll och méi bezuelt musse ginn an, op der anerer Säit sollen emissionsfräi Autoen vun der Steuer ganz kënne befreit gin.
- Mir sinn der Meenung, dass an Zukunft all **europäescht Handelsofkommes kloer Sanktionsméiglechkeeten virgesäit fir déi Länner, déi hir Klimobligatiounen net erfëllen**, respektiv déi sech net un d'Virgaben vun dem Paräiser Ofkommes halen.
- Mir fueren och weiderhin **e Gesetz iwwer Due Diligence (Sorgfaltspflicht)** vun de Betriber, dat garantéiert, dass Zouliwwerer a Liwwerketten de minimalen Standarden a Saachen Mënscherechter a Klima- an Ëmweltschutz entsprechen.

## ZÄIT FIR ZESUMMEN. ZÄIT FIR EN NEUFANK

**Jidder eenzelen zielt.** Jidder Mënsch zielt. Jidder Liewensprojet. Sou wéi et an eisem Grondsazprogramm verankert ass. A vläicht musse mer e méi dacks aus dem Tirang huelen. An och ëmmer erëm nei denken a weider entwéckelen.

Fir déi Etapp, déi mer haut ufänken, geheie mir eis Wäerter an eis Geschicht net iwwer Bord. Am Géigendeel: Mir kucke béides an engem neie Liicht.

Fir Mënschlechkeet, fir Gerechtegkeet a fir e Mateneen mat niem Liewen ze fëllen. **Dat heescht fir eis CSV. Eng CSV fir jidder Member. Eng CSV fir d'Leit alleguer am Land an an der Groussregioun.** Och déi Leit, deenen et manner gutt geet an déi eis Hëllef brauchen. Eng CSV, déi d'Leit verbënnt an d'Land net spléckt. Eng CSV, an där jidder eenzelen an och all Liewensprojet zielt.

Jo, et ass elo Zäit fir Zesummen an och Zäit fir eng nei Etapp. Mir invitieren lech, fir zesummen op dësem neie Wee an eng nei an hoffentlech besser Zukunft fir d'Leit alleguer ze goen.

**Wa mir elo zesumme stinn, ass et méiglech. Als CSV. An als Bierger vun eisem Land.**

Claude Wiseler  
Stéphanie Weydert  
Thierry Schuman  
Vincent Reding

Elisabeth Margue  
Paul Galles  
Jeff Boonen  
Jean-Marie Wirth

Christophe Hansen  
Anne Logelin  
Max Hengel